



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 28. Dezember 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bidden, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Baute weiderzeleeden.

De Chantier op der A13 / Rout Bréck dauert elo scho bal 4 Joer. Op der selwechter Streck gouf och d'Stroossebeliichtung ewechgeholl. Am Moment däerf ee just deelweis op enger Bunn an eng Richtung fueren. De Passage ass geféierlech, well den Tronçon op dëser Plaz ganz enk ass a well d'Strooss staark befuer ass, och vu Camionen. An dem Zesammenhang géing ech gär folgend Froen Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Baute stellen.

- Wéi vill Accidenter sinn op dëser Streck scho passéiert?
- Ass eng provisoersch Beliichtung virgesinn, well de Chantier extrem schlecht beliicht ass?
- Wéini ass de Chantier endlech fäerdeg?

Här President, ech bidden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt, épouse Kemp

Deputéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro
n° 7427 vum 28. Dezember 2022 vun der Madamm Deputéiert Nancy Arendt.**

Wéi vill Accidenter sinn op dëser Streck scho passéiert?

Dësen Tableau wéist d'Unzuel vun den Accidenter vun de lëschte 5 Joer, déi op der Streck A13 /
rout Bréck passéiert sinn:

	2018	2019	2020	2021	2022
Accidenter	4	9	1	9	7

Ass eng provisoersch Beliichtung virgesinn, well de Chantier extrem schlecht beliicht ass?

Wéi richteg vun der Madamm Deputéiert beschriwwen, huet dësen Tronçon vun der Autobunn
A13 keng Beliichtung. D'Beliichtung op der A13 tëschent Schëffleng a Beetebuerg ass awer
schonn 2014 ewechgeholl gi, well d'Luuchtepottoen an d'Luuchten um Enn vum hiner
Liewensdauer (30 Joer) ukomm waren. Fir Energie ze spueren war deemools decidéiert ginn
d'Beliichtung net ze erneieren.

D'Fuerbunnen op der Héicht vum Chantier si wuel ageengt, mee fir d'Sécherheet vun den
Automobilisten an den Aarbechter ze garantéieren ass déi maximal erlaabte Geschwindegkeet
op 50 respektiv 70 Stonnekilometer limitéiert. Dobäi ass eng verkéiersféierend Laflichtanlag
(konform zu der Broschür „Signalisation des chantiers“ vun der Commission de Circulation de
l'État) a Plaz gesat ginn, déi de Verkéier duerch hannerteneen oplichtend Warnluuchte guidéiert.

Op Grond vun dëser Anlag gëtt deemno och keng zousätzlech Beliichtung op der Héicht vum
Chantier gebraucht.

Fir de Chantier awer nach zousätzlech ofzesécheren, wäert d'Unzuel vun de Reflekteren op de
mobile Leitplanken erhéicht ginn.

Wéini ass de Chantier endlech fäerdeg?

De Chantier wäert viraussichtlech am spéide Fréijoer 2023 ofgeschloss kenne ginn.

Lëtzebuerg, den 3. Februar 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch